COMMISSION DES SPORTS ET LOISIRS ET DE LA JEUNESSE

Jonglënster, de 20. Januar 2026

# C1. Reunioun – Rapport

**15. Januar 2026 – 19:00 – Allënster Veräinsbaus „Am laange Brill“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der C1. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Sportleréierung

- Mam Service Communication si lescht Detailer zur Organisatioun an zum Oflaf zesumme beschwat ginn. Dat huet ganzt gutt geklappt.

- Demonstratiounen
  - Mat béide Veräiner huet d'Presidentin alles ofgekläert, sou wuel fir d'Mise en place an déi technesch Aspekter.

- Videos
  - Eng ganz Rëtsch vu Veräiner hunn ee Video era geschéckt. Ee grousse Merci dofir. Mir hoffen dass dës Neierung gutt op der Sportleréierung ukënnt.

- Mat der Gemeng musse mir verschidde Saachen ofklären:
  - Dënschdes, den 20. Januar wäerten d'Presidentin an de Sekretär an de Gaston Stein Mëttes um 14 Auer goen. Hei wäerte lescht Detailer ofgeschwat ginn.

- Oflaf
  - 18:00 Auer – RDV Sportskommissioun
  - 18:30 Auer – Offizielle Start vun der Sportleréierung
  - Discours de Bienvenue – Presidentin
  - Remise
    - Slide 1 → Logo vum Veräin
    - Slide 2 → Video falls geschéckt
    - Slide 3… → Remises
  - Fotoe gi vun de Leit beim „Handshake" gemaach + duerno eng Gruppefoto virun der Leinwand
  - Discours de clôture + Invitatioun Patt → Buergermeeschter
  - Opasse wéi mir d'Fotoe maachen, hei musse mir kloer Instruktioune gi wat mir wëllen, dass een d'Sportler gutt gesäit.

- Opdeelung Sportskommissioun – Tâchen
  - Leit déi Diplomer dem Schäfferot reechen →
  - Leit lenks vun der Bün fir erop ze guidéieren →
  - Leit déi guidéiere bei d'Fotowand →
  - Leit déi hëllefen d'Leit opzestelle bei der Fotowand →
  - Leit déi eventuell hëllefen d'Material opzeriichte bei deenen zwou Demonstratiounen →
  - Entrée →
  - Technik →

- Dresscode
  - Mir dinn eis Sportstshirten vun der Kommissioun un, dat kombinéiert mat enger schwaarzer (donkler) Box.
  - Verschidden Tshirts hu missen nei bestallt ginn. Ee vun de Memberen huet sech do drëms gekëmmert.

- Déi nächst Editioun
    - Save the Date – Donneschde virun der Allerhellegevakanz
    - 29.10.2026

## 5) Update – Reunioun mam 1.Schäffen

- D'Presidentin an de Sekretär haten ee Gespréich mam Schäffe Gilles Baum Méindes, den 12. Januar 2026 zu Jonglënster. Dëst fir iwwert haaptsächlech de Lënster Wibbelt, d'Seefekëschterennen an d'Sportleréierung zesummen ze schwätzen. Engersäits hunn si der Kommissioun hei ee mëndleche Bericht gemaach an anersäits hu mir zesummen alles Kommissioun gekuckt, wéi eis Meenung, eise Point de vue op dës Saache sinn a wéi mir weider virginn.

- Sportleréierung – dëse Punkt ass hei uewendriwwer detailléiert beschriwwen.

- Lënster Wibbelt

    - Bericht Entrevue:

        - D'Gemeng hält gären um Datum vum 16. Mee 2026 fir dës Editioun vum Lënster Wibbelt fest. Als Kommissioun hu mir nach eemol eise Standpunkt zu dësem Datum gesot. Esou si mir zum Schluss komm, dass mir als Kommissioun an der Organisatioun vun der Editioun 2026 net kënne mat dobäi sinn.
        - De Service Communication wäert bei de Sportsveräiner de Bols fillen a kucke wéi Disponibilitéite vun de Veräiner fir de 16. Mee sinn. Wann d'Resonanz éischter „mau" ass, wäert d'Editioun 2026 net stattfannen. Wa genuch Veräiner sech mellen, wäert d'Editioun 2026 stattfannen organiséiert vun der Gemeng.
        - Ab 2027 bis op mannst Summer 2029 inclus, wäert de Lënster Wibbelt ëmmer den éischte Weekend am Juli sinn.

    - Kommissioun

        - D'Memberen hunn dës Ausdrécke vun eisem Point de Vue gutt geheescht a stinn och hei hannendrun. Et ass opgeworf ginn, respektiv schued fonnt ginn, dass net d'Iddi do ass fir déi nächst Joren de „Lënster Wibbelt am Kader vun der Nuit du Sport" ze maachen. Dës Demande hu mir als Kommissioun schonn e puer Mol geäussert.
        - Et ass entscheet ginn, dass mir als Kommissioun zesumme kommen, fir de 6. Juni en Tour duerch aner Gemengen ze maachen, dëst fir d'Nuit du Sport'en eis un zekucken. Dëst ass fräiwëlleg an et muss net jidderee matgoen.

- Seefekëschterennen
  - Bericht Entrevue:
    - De Gilles Baum huet eis d'Siicht vum Schäfferot erkläert. Hien huet matgedeelt, dass si der Meenung si fir d'Seefekëschterennen vum Lënster Maart respektiv vun engem aneren Event ze trennen. Si hu proposéiert d'Seefekëschterennen als eegestännegt Event zu Gonnereng ze organiséieren. Dëst an der Rue Kiem am Beräich vum Gehaansräich.
    - Hei huet een d'Méiglechkeet de „Café Op der Gare" mat anzebannen, dëst fir de ganze Volet vum Gedrénks. Dëst muss natierlech ofgeschwat ginn.
    - Dës Strooss respektiv Plaz kann een als Gemeng ouni Probleem spären ouni Contrainten ze hunn. Ausser natierlech d'Awunner mat Zäiten ze informéieren.
    - Als Datum hu mir an der Entrevue als Méiglech den 11. Juli festgehalen. Freides, den 10. Juli fannen d'Schoulfester statt. Dëst soll awer logistesch kee Probleem sinn. Am Fall wou gëtt zousätzlech Material bestallt.
  - Kommissioun
    - An der Kommissioun hu mir zesummen iwwert dës Propositioun, déi mir an der Entrevue beschwat hunn, diskutéiert.
    - Et ass drëms gaangen ze entscheeden a wéi eng Richtung mir wëllen zesummen dëst Event wieder entwéckelen. Esou hu mir festgehalen un dëser Iddi festzehalen a gemeinsam aus zeschaffen.
    - Verschidden Iddie sinn direkt an de Raum komm an zesumme beschwat ginn. Dëst waren d'Iddi mam PizzaGuy zesummen ze schaffen oder souguer ee klengt FoodVillage (mat Tweenz) ze maachen. Esou war och d'Iddi eventuell ee Sprangschlass ze huelen an och een DJ. Et soll fir Animatioun gesuergt, Méiglechkeeten d'Leit unzezéien an se do zehalen. Eventuell och duerch Grillen.
    - Iwwert Stréck ass festgehale ginn, eventuell eréischt um Knéck an der Mëtt unzefänken. Mee mir ginn als éischt op Plaz eis ee Bild maachen. Wichteg ass eng komplett Soundanlag iwwert déi ganz Stréck ze hunn.
    - Alleguerten d'Sécherheetsvirkéierungen a Moossname mussen am Virfeld schrëftlech festgehale ginn, am Virfeld ofgeseent ginn an den Dag selwer muss d'Event ofgeholl ginn.
    - Budget. Och iwwert d'Thema Budget an Eventfirma hu mir geschwat. Hei si mir op den Entschloss komm dass mir als éischt een definitiivt Konzept ausgeschafft mussen hunn, fir eis ee Bild

ze maache wat vun eventuellem Budget gebraucht gëtt. De Schrëtt duerno wier ze kucken, ob mir d'Hëllef vun enger Eventfirma brauchen.

- Fir eng gutt Kommunikatioun ass ugeduecht gi Fotoe vum leschte Joer ze benotzen. Hei hat ee Member vun der Kommissioun ganz gutt Foto gemaach déi mir eventuell benotze kéinten.
- Et ass festgehale ginn, dass mir virum Ofschlossiessen de 4. Februar bei de Café Op der Gare ginn, fir do en éischte Kontakt hierzestellen.

## 6) <u>Oppen Diskussiounen</u>

- Lënster Jugendhaus
  - Am Jugendhaus zu Jonglënster ass et d'Nouvelle, dass d'Chargée vum Haus aus dem Krankeschäin no hirer Operatioun zeréck ass. Mir hunn och mat kritt, dass déi nei Persoun déi zousätzlech agestallt ginn ass, sech gutt an d'Team a bei deene Jonken agelieft huet. Mir bleiwe weider am Kontakt iwwert d'Presidentin iwwert d'Entwécklung.

- Ofschlossiessen
  - De 4 . Februar fënnt d'Neijoerschiesse vun eiser Kommissioun statt. Och hei, esou wéi d'lescht Joer, sinn eis Partner déi eis iwwert d'Joer ënnerstëtzt hunn agelueden. D'Lënster Jugendhaus wäert mat fënnef Leit präsent sinn, déi Déifferdenger Kolleege wäerten zu zwee mat dobäi sinn.
  - Fir eis Kommissioun huet ee Member ee Poll-Ofstëmmung wären der Versammlung erstallt. Jidderee soll hei ofstëmmen, esou dass mir d'Reservéierung vum Restaurant zu Amber kënne maachen.

## 7) <u>Nächst Datumer</u>

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 21.01.2026 | 18:30 | Gaston Stein | Sportleréierung |
| 04.02.2026 | 19:00 | Amber Stuff | Neijoerschiessen |
| 23.02.2026 | 19:00 | Op Fréinen | C.3. Kommisounsversammlung |
| 25.03.2026 | 19:00 | Op Fréinen | C.4. Kommisounsversammlung |

## 8) **Ënnerschrëften**

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär